1-2020-0-2-6639-01 (n°3609)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

Projet de loi 7875

Lëtzebuerg, den 14/09/2021

5

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- dass de staatlech organiséierte Covid-19-Large-Scale-Testing den 15. September 2021 ausleeft;
- dass et Persoune gëtt, déi ze jonk sinn, fir vun enger Impfung géint de Covid-19 profitéieren ze kënnen;
- dass et Persoune gëtt, fir déi eng Impfung géint de Covid-19 aus medezinesche Grënn contre-indiquéiert ass;
- dass Persounen, déi ze jonk si fir sech impfen ze loossen oder opgrond vu Contre-Indicatiounen net geimpft kënne ginn, drop ugewise sinn, Covid-Tester ze maachen, wa si esou um gesellschaftleche Liewen deelhuele wëlle wéi Persounen, déi geimpft kënne ginn;
- dass d'Bezuele vun dësen Tester fir déi Betraffen - oder am Fall vu Kanner, fir hier Elteren - eng finanziell Belaaschtung ka sinn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. sécherzestellen, dass Persounen, déi aus medezinesche Grënn net géint de Covid-19 geimpft kënne ginn oder en Alter hunn, fir deen aktuell nach kee Covid-19-Vaccin zougelooss ass, och weiderhin d'Méiglechkeet kréien, vu gratis vu PCR-Tester ze profitéieren oder d'Fraise vu certifizéierte Schnelltester oder PCR-Tester remboursséiert ze kréien.

Sven Clement